



Zu Lëtzebuerg si valabel Kannerbicher sou rar wéi wäiss Mais, a Kannerplacken, déi deen Numm verdéngen, nach méi. Mir fueren do nach ëmmer no Rezepten, matt deenen auslännesch Plackefirmen scho laang Faillite gemaach hätten: Pompjesgedichter op Uergel-oder Pianofong, gesonge vun enger poulriichter Rei braver Kanner, steril verpaakt a gesteifte Blusen a wäisse Stitzercher, fäerdeg fir an den "Hei Elei", oder viirgedroe vun enger ganz seriöser national-kultureller Chorale, déi séngt vun der Fréijorsblimmchen, dem Nikleeschen an de Schnéifläckelcher, alles schéin am Hiirz-Schmiirz-Romantik-Look. Esouguer wann och d'lëtzebuenger Liesebicher nach nët méi wäit sin: Et gin och aner Theme fir d'Kanner!

"DI GROUSS KANNERPLACK", am Dezember erschéngen, produzéiert vum John Arend, gesonge virun allem vum Susy Lentz, weist et vir. Titelen wéi "Looss dat dach leien", "Robby, léiwe Robby", "Wou as hei eng Spillplaz fir ons", "Am Cafë", sin -wéinstens fir lëtzebuenger Begrëffer- ganz nei op enger Kannerplack. Datt si hieren Numm verdéngt, hate virum allem d'Kanner selwer séier eraus. Si kënnent nämlech u bei hinnen. A wéi! Géif et eng national Kannerhitparad, den "Komm an den Zirkus" léich garantéiert un éischter Plaz, a Liddercher wéi "De Marc as an de Pull gefall" oder den "Honnequeela" wäeren nët wäit hannendrun. Dat ganzt as spontan a frësch präsentéiert a meilewäit ewech vu verstëpster Conservatoire-Athmosphär. "Eng gällech Freed fir grouss a kleng Kanner" steet zu Recht op der Plack.

Schued nëmmen, datt den Text zu deene flotte Melodien oft einfach ze kannereg as, nët am gudde, mä am schlechte Sënn vum Wuert. Hien as allze graff zougeschnëtzt an d'Melodien eragebretzt gin -kee Wonner, wann en oft queesch hänkt a mam Rhythmus nët iwere-neekënnt. Wann e Kand e soll verhalen, kann et bei verschiddene Lidder mol den Hick kréien. Matt e bësche méi ausgefeilten Texter wär hei e grouss Worf méiglech gewiescht.

Mä eng Freed maacht dir matt der Plack engem Kand ganz bestëmmt. Och wann et nach nët *déi* grouss Kannerplack as, d'Richtung stëmmt, an den Numm vum Produzent, dem John Arend, as viirzemiirken fir hoffentlech en zweeten, nach besseren Ulaf. Csst